N°6721
Entrée le 28.09.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 6721 vum 26. August 2022 vum Här Deputéierte Fred Keup

1) Virausgeschéckt, datt Benevolat als solches net enger Astellung gläich kënnt, hu sech bei der asbl Esch2022 ëm déi 950 Persoune gemellt fir d'Europäesch Kulturhaaptstad 2022 z'ënnerstëtzen, wouvunner sech der eng 365 Persounen op eng aktiv Aart a Weis engagéieren.

2) Quitt datt de Profil net ausschlaggebend ass, kann ee soen, datt d'Benevollen aus dem ganze Land kommen, verschidde Nationalitéiten hunn an datt den Duerchschnëttsalter 30 Joer ass.

3) D'asbl Esch2022 huet fir déi Fräiwëlleg souwuel initial Informatiounsseancen organiséiert, wéi och Formatiounen an aner Aktivitéite fir a mat der ganzer Benevole-Equipe.

   An deene Kadere goufen, ënnert anerem, d'Konzept an d'Zilsetzung vun den europäesche Kulturhaaptstied erkläert, de Projet Esch2022 gouf a senge verschiddene Facetten detailléiert, an och wéi ee sech konkret abrénge kann, ob dat elo d'Projete vun der asbl sinn oder d'Projeten, déi vun de Projetspartner organiséiert ginn.

   An der Logik vun de Fräiwëllegen hiren Aufgaben, goufen och nach aner Aspekter vermëttelt, wéi zum Beispill den Accueil vu Leit mat besonnesche Mobilitéitsbesoinen, Éischt-Hëllef-Coursen asw. Anerersäits goufen awer och Visites guidées ugebueden, et gouf en Echange mat de Benevolë vun anere Kulturhaaptstied an och Momenter vu Konvivialitéit si net ze kuerz komm, insofern d'Pandemiegeschéien dëst erlaabt huet.

4) Virausgeschéckt, datt Benevolat doranner besteet, datt eng Persoun fräiwëlleg an ouni Astellung seng Zäit, seng Kompetenzen a Kapazitéiten an den Déngscht vun enger Saach stellt, goufen den interesséierte Persoune keng Konditioune gestallt fir d'Kulturhaaptstad Esch2022 mat deem kënnen z'ënnerstëtzen, wat jiddereen un Zäit a Kompetenze matbruecht huet.

5) An der nämmlechter Logik wéi an der viregter Fro, ass och keng interesséiert Persoun ofgeleent ginn.

Lëtzebuerg, den 28. September 2022.

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson